# D'Pëtschter Noriicht

01/2018



INFORMATIOUNSBLAT VUN DER GEMENG PËTSCHENT

De neie Gemengerot vun der Gemeng Pëtschent wënscht Iech all eng gutt Lektür vun der Pëtschter Noriicht.




Nico Jacobs, Carlo Birchen, Conny Hermes-Kanivé, Christian Junk, Roger Zanter, Marc Schleich, Fabienne Sinnes-Huberty, Sylvain Feidert, Bernard Greischer


Impressum

Gemengenverwaltung vun Pëtschent an Zesummenaarbecht mat den Veräiner an Interessenten aus der Gemeng Pëtschent

Adress e-mail: secretariat@putscheid.lu / zeitung@putscheid.lu

Oblo: 420



# D'Wuert vum Buergermeeschter

Léif Leit aus der Gemeng Pëtschent,

Endlech ass et sou weit an dir kënnt déi éischten Editioun vun der Pëtschter Noriicht fir dëst Joer an der Hand halen. Et ass och déi, Éischt zënter den Gemengewahlen vum 08. Oktober 2017.

Wéi dir wësst ass et bei dësen Wahlen zu engem relativ groussen Changement am Gemengerot komm. Sechs vun den néng Platzen sinn nei besat ginn, an eng nei Equipe mat engem neien Schäfferot huet sech missen fannen.

Ech wëll awer op der heiten Platz dovun profitéieren fir Iech all, am Numm vum Schäffen- an Gemengerot Merci ze soen fir dat Vertrauen dat dir eis entgéint bruecht huet.

Mir wäerten alles drusetzen fir Iech net ze enttäuschen. Eis Equipe huet sech an der Tëschenzäit och scho relativ gutt ageschafft, an mir wëllen Iech op den nächsten Säiten en Abléck ginn, an déi Aarbechten an Initiativen déi an den nächsten Joren geplangt sinn.

Et ass eis och wichteg an aller Transparenz ze schaffen, an mir striewen eng gréisstméiglech Biergerbedeelegung un. D'Leit aus eiser Gemeng sollen mat abezunn ginn, well hier Mataarbecht ass wichteg fir eng gutt Aarbecht kënnen ze leeschten, sief dat an eise Veräiner oder awer an deene verschiddene Kommissiounen.

Nieft der scho bestoender Jugendkommissioun gouf eng Integratiouns- an Kulturkommissioun geschaaft, an den Klimateam huet sech och nei opgestallt. All des Kommissiounen hunn an der Tëschenzäit mat hirer Aarbecht ugefaange.

Do dernieft huet seech d'Redaktiounsteam vun der "Pëtschter Noriicht" nei forméiert.

Dëst erklärt och firwat des Editioun eréischt elo eraus kënnt. Mir sinn awer frou fir all Ureegung, Beitrag, oder Foto déi dir eis zoukommen loosst fir ze Veröffentlechen. Wann Leit sech méi aktiv am Redaktiounsteam engagéieren wëllen ass dat och nach zu all Zäitpunkt méiglech.

Zéckt net fir Iech ze mellen iwwer Telefon oder e-mail:
secretariat@putscheid.lu oder zeitung@putscheid.lu

Ech wënschen Iech elo vill Freed beim liesen vun der "Pëtschter Noriicht"

Roger Zanter

Buergermeeschter

# Wat geschitt an der Gemeng?

Wéi schon vum Buergermeeschter an sengem Virwuert ugkënnegt, wëllen mir Iech hei en Iwerbléck gin iwert déi Aabechten an Initiativen déi an eiser Gemeng ustin, oder schon an der Emsetzung sin.

Fir d'Alleréischt mussen an wëllen mir an den kommenden Joren ganz vill an eis Kläranlagen investéieren.

No Bivels, Grooljen an Mierschent, woú d'Arbechten schon ofgeschloss sinn, mussen mir elo schleunigst folgend Projeten ugoen

**Zu Weller** bauen mir aktuell een Baseng mat Pompelstatioun mat där d'Ofwasser an Zukunft op Pëtschent gepompelt get. Déi aktuell Kläranlag get dann ausser Betrieb geholl.

**D'Duerf Pëtschent kritt eng nei Kläranlag:** Doduerch, dass an Zukunft déi ganz Ofwässer vu Weller dobäi kommen, muss d'Kläranlag vu Pëtschent erneiert ginn. Hei wäert dann och eng vun deenen neisten Klärtechniken agesat ginn, wat op dem aktuelle Standuert nët méiglech ass. Dofir op dëser Platz och nach e grousse Merci un d'Famill Tun Nosbusch, dass si bereet waren, dem Ofwaassersyndikat SIDEN en Terrain vun 35 Ar ze verkafen, fir dass des nei KA fir d'Dierfer Weller a Pëtschent problemlos ka gebaut ginn.

**De Bau vun der KA Nuechtmanescht mat Kollekter a Pompelstatioun:** misst och an deenen nächste Méint kënnen ufänken. Dëst ass och e ganz spezielle Projet, well mir hei an engem Beräich leien, wou keng grouss Bach oder Floss dat gekläerte Waasser ophuelen kann, sou dass d'Gemeng hei extrem streng Oflafwäerter vum Waasserwirtschaftsamt virgeschriwwen kritt huet, wat finanziell natierlech enorm zu Buch schléit. Et muss en sech mol virstellen dass eng Anlag fir dat klengt Manescht, Groesten an Poul, iwwer 3 Mio Euro kascht…

Do kommen an den nächsten Joren bedeitend Investitiounen op eis duer, déi d'Gemengekees pro Joer mat ongeféier 1 Millioun € belaaschten wäerten.

Dat léisst sécher net vill Spillraum fir vill aner Projet'en. Trotzdeem wëllen mir awer net stoen bleiwen.

Den Ausbau an déi baulech an energetesch Renovatioun vun der Gemeng ass a vollem Gang. Nach am Hierscht dëst Joer wäerten mir den 1. Stack, mat ënner anerem neien Büro'en an engem neien Sëtzungssall fir den Gemengerot fäerdeg stellen.

**Eng Platz fir All.** Sou hu mir d'Platz vis-à-vis vun der Gemeng gedeeft. Nodeems an enger Réi vun Versammlungen mat interesséierten Bierger aus eiser Gemeng en Masterplang erschafft ginn ass, fir op dem bal 2 ha groussen Areal eng Zone de loisirs entstoen ze loossen sinn elo zenter kuerzem déi éischt Aarbechten lassgangen, an mir hoffen, dass nach dëst Joer nieft dem aktuellen Beachvolleyterrain en neien terrain MultiSport fäerdeg gëtt. **(Foto nächst Säit)**

Mir sinn och am gang d'Opstellen vun **AED-Defibrillatoren** an eiser Gemeng ze plangen. Well et awer net nëmmen duer geet dës Apparater op ze hänken, ass den Moment en Aarbechtsgrupp am gang sech mat dem Thema ze beschäftegen. Et geet drëm fir méiglechst vill Awunner ze forméieren an ze forméieren, fir dann am Noutfall och richteg reagéieren ze kënnen.

D'Lescht Joer, den 21. November huet eis Gemeng fir hir Beméiungen an Realisatiounen am Kader vum Klimapakt eng **Goldklassifizéierung** kritt. Domat net genuch mat 84,4% an der Bewäertung hunn mir den beschten Score am Land gemaach, an och op europäeschem Niveau sinn mir op enger 13. Platz gelant. Et muss een wëssen dat do iwwer 1.400 Gemengen matmaachen, an net nëmmen däer Klengster. **(Foto op der Recksäit vun deser Zeitung)**

Dest ass sécher d'Resultat vun ganz vill Aarbecht déi an den leschten Joren geleescht gouf, an et ass awer gläichzäiteg och Usporn fir an den kommenden Joren konsequent an där Richtung weider ze fueren. Well et misst mëttlerweil och dem Leschten kloer gi sinn, an d'Wiederkapriolen aus den leschten Méint weisen et, dass den Schutz vun eiser Ëmwelt an eisem Klima eminent wichteg ass. De

Klimawandel mécht sech ëmmer méi bemierkbar, an et leit an eiser Verantwortung fir derzou bäizedroen, dass mir den Generatiounen déi no eis kommen en Planéit mat enger Ëmwelt hannerloossen, den propper an liewenswäert ass.

Grad an eiser wonnerschéiner Gemeng ass eis Natur dat wichtegst Kapital dat mir hun, an dat gëllt et ze schützen.

Am Kader vum Klimapakt huet Pëtschent sech och ganz staark am **Projet Night Light** engagéiert.

Hei geet et drem fir Liichtverschmotzung ze vermeiden. Et ass mëttlerweil erwisen dass eng iwwerméisseg an falsch Beliichtung negativ Auswierkungen op Mënsch, Déier an Natur huet. Et geet virun allem dorëm fir net manner, mais richteg ze beliichten.

Zesummen mat Ponts et Chaussée gëtt Grooljen als éischt Duerf, wat d’ëffentlech Beliichtung ugeet, komplett op LED ëmgestallt. Weider sinn mir am Plangen, fir verschidden ëffentlech Gebaier souwéi Kierchen, net méi permanent ze beliichten, mee mat enger intelligenter Beliichtung ze équipéieren. Dobei get zu spéider Stonn d’Luucht gedimmt an an der Nuecht souguer ganz ausgemach.

**Duerferneierung vun Mierschent** geet och weider. D’Planungsarbechten an der rue de Gralingen an an der rue de Hoscheid fir nei Stroosseninfrastrukturen mat Trottoir, Reen an Oofwaasserkanal, Waasserleitung, LED Beliichtung sinn sou weit ofgeschloss. Mir rechnen domat dass desen Chantier, enn dëst Joer oder spéitstens Ufank nächst Joer ufänken kann.

Nom Ofschloss vun dësen Arbechten gët dann d’Duerferneierung vun Wëller emgesaat.

Zu Lescht kruten mir och versprach dass d’Restauratiounsaarbechten op der Buerg zu Solzebuerg dëst Joer nees opgeholl ginn, an dass den Site endlech och fir den Public op gemaach kann ginn.




Parking an Multisport Terrain op der „Platz vir eis all“ geintiwer vun der Gemeng.

# Réunion du conseil communal de la commune de Putscheid en date du 08 novembre 2017

Présences : Roger Zanter, bourgmestre ;
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, échevines ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Bernard Greischer, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, conseillers communaux
Jean Trausch, secrétaire communal

Absent : ./.

**Assermentation officielle des membres du nouveau conseil communal de la commune de Putscheid**

Par arrêté Grand-Ducal du 28 octobre 2017, Monsieur Roger Zanter de Gralingen, sur proposition unanime des membres du nouveau conseil communal issus des élections du 08 octobre 2017, a été nommé par le Grand-Duc, bourgmestre de la commune de Putscheid et ceci pour un terme de six ans.

Par arrêté ministériel, Monsieur le Ministre de l'Intérieur a nommé Madame Conny Hermes-Kanivé de Bivels 1ier échevine et Madame Fabienne Sinnes-Huberty de Merscheid 2ième échevine de la commune de Putscheid. L'assermentation officielle du collège échevinal a eu lieu le 08 novembre 2017 au Ministère de l'Intérieur (photo assermentation du collège échevinal).

Après son assermentation officielle le bourgmestre a convoqué les membres du conseil communal dans la mairie de Putscheid à prêter le même jour serment et arrêter ainsi la mise en place officielle du nouveau conseil communal.
Chaque membre du conseil communal a solennellement déclaré devant le bourgmestre d'accepter les fonctions de conseiller communal qui lui ont été confiées et a prêté le serment suivant prescrit par la constitution:

**« Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du pays et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées »**

L'acceptation des mandats respectifs par la prestation de serment en date du 08 novembre 2017 arrête l'entrée en fonctions officielle des nouveaux élus et partant la révocation de l'ancien conseil communal.

# Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 08. November 2017

Et waren do: Roger Zanter, Buergermeeschter
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, Schäffinnen ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Bernard Greischer, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, Conseilleren

Jean Trausch, Gemengesekretär

Et huet kee gefeelt.

## Offiziell Vereedegung vun de Memberen vum neien Gemengerot vun der Gemeng Pëtschent

Duerch groussherzogleche Beschloss vum 28. Oktober 2017 ass den Här Roger Zanter vu Grooljen op eestëmmegen Virschlag vum neien Gemengerot vun eisem Groussherzog als Buergermeeschter vun der Gemeng Pëtschent fir déi nächst 6 Joer genannt ginn.

Duerch ministerielle Beschloss huet den Inneminister d'Madame Conny Hermes-Kanive vu Bivels als éischt Schäffin, an d'Madame Fabienne Sinnes-Huberty vu Mierschent als zweet Schäffin vun der Gemeng Pëtschent genannt. Déi offiziell Vereedegung vum Schäfferot war den 08. November 2017 am Inneministère an der Staat.



Inneminister Dan Kersch - Conny Hermes-Kanivé, Roger Zanter, Fabienne Sinnes-Huberty

No senger Vereedegung huet de Buergermeeschter déi nei Conseilleren zesummegeruff fir dass och si konnten hiren Eed ofleeën an dass domat den neien Gemengerot a Kraaft ass.

All eenzele Member vum Gemengerot huet esou feierlech seng Funktioun als Gemengeconseiller ugeholl a folgenden Eed ofgeluecht, sou wéi eis Constitutioun dat virgesäit :

« Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du pays et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées »

Doduerch dass di eenzel Conseilleren hiert Mandat mam Eed vum 08. November 2017 ugeholl hunn ass den neien Gemengerot domat offiziell a Kraaft.



Carlo Birchen



Sylvain Feidert



Bernard Greischer



Nico Jacobs



Christian Junk



Marc Schleich

# Réunion du conseil communal de la commune de Putscheid en date du 22 novembre 2017

Présences : Roger Zanter, bourgmestre ;
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, échevines ;
Nico Jacobs,Carlo Birchen, Bernard Greischer, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, conseillers communaux
Jean Trausch, secrétaire communal

Absent : ./.

**1) Renouvellement des délégués de la commune de Putscheid aux syndicats communaux et d'autres groupements d'intérêts**

Les comités des syndicats intercommunaux sont renouvelés à la suite des élections générales des conseils communaux dans les trois mois qui suivent l'installation des conseillers élus. Par vote secret, les membres du nouveau conseil communal ont décidé de nommer les délégués de la commune de Putscheid comme suit :

Monsieur Junk Christian de Weiler est désigné délégué de la commune de Putscheid au sein du Syndicat Intercommunal DEA
Le syndicat de Distribution d'Eau des Ardennes, en abrégé DEA, a son siège social à Useldange et regroupe 30 communes-membres ayant le même but, à savoir :

a) approvisionnement en eau potable
b) assistance technique aux communes dans le domaine de l'eau potable.

Monsieur Nico Jacobs de Weiler est proposé comme candidat pour la circonscription Nord au sein du comité du SIGI

Le Syndicat intercommunal pour la gestion informatique a son siège social à Contern et a pour but :

a) la promotion et l'organisation de l'informatisation des communes
b) le conseil et la gestion de l'équipement informatique des communes
c) la conception et le développement du logiciel de gestion communale GESCOM
d) la formation, l'assistance et le support des communes dans l'exécution de leurs travaux informatiques
e) la centralisation des différents sites communaux en un seul DataCenter
f) le conseil, le développement, l'hébergement et la formation pour les sites Internet des communes membres.

Messieurs Roger Zanter de Gralingen, Nico Jacobs de Weiler, Marc Schleich de Gralingen et Carlo Birchen de Merscheid sont nommés délégués de la commune de Putscheid au sein du comité du SISPOLO

Le Syndicat intercommunal pour l'éducation, l'enseignement, le sport et les loisirs, en abrégé «SISPOLO» a son siège social au Parc Hosingen et regroupe la commune de Putscheid et la nouvelle commune Parc Hosingen issue de la fusion des communes de Hosingen, Hoscheid et Consthum.
L'objet du syndicat est:

1. l'exploitation d'un centre scolaire et sportif au «Parc Hosingen», pour la mise en oeuvre de l'éducation précoce et préscolaire, de l'enseignement primaire ainsi que des services d'accueil para- et périscolaire, y compris
– l'organisation et le fonctionnement d'un transport scolaire relatif au centre scolaire et sportif au «Parc Hosingen»;
– l'exploitation d'un jardin de circulation au «Parc Hosingen»;
2. l'organisation d'un service de repas sur roues;
3. la mise à disposition à un organisme gestionnaire tiers d'une infrastructure d'accueil destinée à servir de foyer de jour pour personnes âgées, conformément à la législation sociale en vigueur;
4. la création, l'entretien et l'exploitation d'une piscine au complexe scolaire et sportif «Parc Hosingen»
5. la création, l'entretien et l'exploitation d'une crèche régionale au centre scolaire et sportif «Parc Hosingen»;
6. la création, l'entretien et la mise à disposition d'un chalet aux groupements des scouts des communes membres du SISPOLO.
7. l'organisation scolaire annuelle.

Monsieur Roger Zanter de Gralingen est élu délégué de la commune de Putscheid au sein du comité du SIDEN

Le Syndicat intercommunal de Dépollution des Eaux résiduaires du Nord, SIDEN, a son siège social à Bleesbruck/Bettendorf et regroupe 35 communes-membres.
L'objet du syndicat est entre autres :
a) l'évacuation et l'épuration des eaux résiduaires en provenance des localités raccordées
b) l'exploitation et l'entretien des stations d'épuration, des collecteurs et des ouvrages annexes
c) le traitement et l'évacuation des boues d'épuration
d) l'acquisition de l'équipement technique et du mobilier
e) l'investissement dans les infrastructures d'exploitation en fonction des adaptations et modernisations techniques et en fonction de l'extension des capacités suivant les besoins des différents membres associés.

Monsieur Bernard Greischer de Gralingen est désigné délégué de la commune de Putscheid au sein du comité du SIDEC

Le syndicat intercommunal SIDEC assure la gestion complète des déchets ménagers et assimilés collectés dans les 49 communes-membres réparties dans la moitié nord du pays. Afin d'assurer au mieux ses différentes missions, le SIDEC exploite diverses installations de collecte et de traitement des déchets, tel que des parcs à conteneurs, des installations de compostage, une installation mécano-biologique unique au Luxembourg ainsi qu'une décharge.

Monsieur Bernard Greischer de Gralingen est élu comme délégué de la commune de Putscheid au sein du Comité du Parc Naturel de l'Our

Le Parc naturel de l'Our situé nord-est du Luxembourg dans les Ardennes Luxembourgeoises au tri-point entre la Belgique, l'Allemagne et le Luxembourg regroupe 8 communes-membres.
Son siège social est au Parc Hosingen.
Les principaux objectifs d'un Parc Naturel sont :

1. la conservation et la restauration du caractère et de la diversité du milieu naturel, de la faune et de la flore indigènes,
2. la sauvegarde de la pureté de l'air et des eaux ainsi que de la qualité des sols,
3. la conservation et la restauration du patrimoine culturel,
4. la promotion et l'orientation d'un développement économique et socioculturel intégrant les aspirations légitimes de la population en ce qui concerne leurs possibilités d'emploi, leur qualité de vie et d'habitat,

la promotion et l'orientation d'activités de tourisme et de loisirs s'inscrivant dans le cadre des objectifs énumérés ci-dessus.

Monsieur Sylvain Feidert de Gralingen est désigné délégué de la commune de Putscheid avec statut d'observateur au sein du groupe d'Action locale LEADER Eisleck.

LEADER signifie « **L**iaison **E**ntre **A**ctions de **D**éveloppement de l'**E**conomie **R**urale ». Il s'agit d'une initiative de l'Union européenne visant à établir des liens entre projets et acteurs de l'économie en milieu rural.

Madame Fabienne Sinnes-Huberty de Merscheid a été nommée représentante de la commune de Putscheid auprès de l'Office Régional du Tourisme Eisleck (ORTAL).

Madame Conny Hermes-Kanivé de Bivels est élue représentante de la commune de Putscheid au sein de la plateforme de coopération « Club Senior – Club Haus op der Heed- » à Hupperdange.

### 2) Vote du budget rectifié 2017 et du budget 2018 du RESONORD

A l'unanimité le conseil communal approuve le projet de budget rectifié 2017 et le projet de budget de l'exercice 2018 voté par le comité de l'office social régional RESONORD dans sa séance du 16.10.2017.
Pour l'exercice 2018, la participation financière de la commune de Putscheid auprès du RESONORD s'élève à 27.222.- euros.

### 3) Participation aux frais des cours de musique du Conservatoire de Musique du Nord à partir de l'année scolaire 2017/2018

Les membres du conseil communal à l'unanimité des voix décident de poursuivre la prise en charge les frais des cours de musique concernant la taxe annuelle supplément non-résident, facturés par le Conservatoire de Musique du Nord aux parents ou tuteur de l'élève fréquentant un établissement scolaire et habitant la commune de Putscheid, avec un montant total jusqu'à concurrence d'un plafond de 650 € par élève et déduction faite de la participation éventuelle de l'Etat dans le cadre du Chèque Service Accueil -CSA- et sous condition que l'élève puisse présenter une preuve de participation à l'examen de son cours musical/danse.
La demande de remboursement du supplément non-résident doit être introduite auprès de l'administration communale jusqu'au 31.12. au plus tard de l'année dans laquelle l'élève s'est présenté à l'examen.

### 4) Approbation de la convention Youth4Work

Le conseil communal a pris la décision de prolonger la collaboration avec l'association « Youth4work » jusqu'au 30 juin 2021. La société à responsabilité limitée « Youth4Work » a pour objet l'accompagnement et le coaching individuel des adolescents et jeunes adultes de notre commune pendant leur recherche d'un apprentissage et d'un emploi.
Youth4Work est un réseau social réunissant les forces des entreprises, des Lycées, de l'ALJ, de l'ADEM, des instituts de formation, des centres d'assistance et des communes dans le seul et unique but d'élaborer avec les jeunes des solutions rapides, simples et efficaces en vue de leur permettre une intégration efficace dans le monde du travail
Plus d'informations sous : www.youth4work.lu tél : 26621141

### 5) Entretien de la voirie rurale dans la commune de Putscheid pour l'exercice 2018

Les édiles communaux approuvent le devis avec un montant de 77.000.- euro établi par les soins du Service Technique de l'Agriculture de Diekirch pour le réaménagement de deux chemins ruraux, à savoir :

1. chemin rural dénommé « Kockä&Héi » à Gralingen sur une longueur de 350 mètres
2. chemin rural « Leibruch » à Weiler/Merscheid sur une longueur de 275 mètres

### 6) Affaires du personnel – allocation d'une prime unique pour les ouvriers communaux

Conformément au règlement grand-ducal du 29 mars 2017 accordant une prime unique pour l'année 2016 aux fonctionnaires communaux, le conseil communal décide d'accorder aussi une prime unique correspondant à 1% du traitement touché pour la période du 01.01.2016 au 31.12.2016 aux ouvriers communaux.

# Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 17. November 2017

Et waren do: Roger Zanter, Buergermeeschter
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, Schäffinnen ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Bernard Greischer, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, Conseilleren

Jean Trausch, Gemengesekretär

Et huet kee gefeelt.

## 1) Nei Vertrieder vun der Gemeng Pëtschent an deenen eenzelne Gemengesyndikater

D'Gemengegesetz gesäit fir, dass no Gemengewahlen de Comité vun engem Gemengesyndikat bannen 3 Méint nodeems den neien Gemengerot vereedegt ginn ass, erneiert muss ginn.
Jeeweils a geheimer Ofstëmmung huet den neien Pëtschter Gemengerot folgend Déléguéiert an di eenzel Syndikater genannt.

Den Här Christian Junk vu Weller als Déléguéiert am interkommunale Syndicat DEA.

De « Syndicat de Distribution d'Eau des Ardennes, ofgekierzt DEA, mat Sëtz zu Useldeng huet 30 Membersgemengen an ass zoustänneg fir
a) d'Liwweren vun Drénkwaasser
b) di technesch Hëllef fir d'Gemeng am Drénkwaasserbereich

Den Här Nico Jacobs vu Weller gëtt vum Gemengerot proposéiert als Kandidat vum Bezierk Norden am Comité vum SIGI

De « Syndicat intercommunal pour la gestion informatique », ofgekierzt SIGI, mat Sëtz zu Contern, ass fir Folgendes zoustänneg :
g) Organisatioun a Entwécklung vun der Informatik bei de Gemengen
h) Berodung a Gestioun vum informateschen Equipementer vun de Gemengen
i) Developpéieren vum Programm GESCOM
j) Formatioun an technesch Assistenz fir d'Gemengen an hiert Personal
k) E gemeinsamen DataCenter
l) Berodung, Entwecklung a Formatioun fir d'Internetsiten vun de Gemengen

Den Här Roger Zanter vu Grooljen, Nico Jacobs vu Weller, Marc Schleich vu Grooljen a Carlo Birchen vu Mierschent sinn di 4 Vertrieder vun der Gemeng Pëtschent am Comité vum SISPOLO

De « Syndicat intercommunal pour l'éducation, l'enseignement, le sport et les loisirs », ofgekierzt SISPOLO huet säi Sëtz am Parc Housen a setzt sech zesummen aus der Gemeng Pëtschent an der neier Fusiounsgemeng Parc Housen.
Den Objet vum Syndikat ass :

8. Bedreiwen vum Schoul- a Sportkomplex am Parc Housen, mat Precoce, Spillschoul an dem ganzen Accueil den am Kader vun der Schoul ugebueden gëtt. Desweideren këmmert de SISPOLO sech nach ëm d'Organisatioun an de Fonctionnement vum Schoultransport an ëm d'Exploitatioun vum Verkéiersgaart am Parc Housen.
9. Jäerlech Schoulorganisatioun
10. Organsiatioun vum Service « Repas sur Roues » an « Chèques Services »
11. Bereetstellen vun den Infrastrukturen fir den externen Gestionnaire vum Daagesfoyer fir eeler Leit
12. Bauen, Ënnerhalt an Bedreiwen vun enger Schwemm am Parc Housen
13. Bauen, Ënnerhalt an Bedreiwen vun enger Crèche am Parc Housen
14. Bauen, Ënnerhalt a Bedreiwen vun engem Scoutschalet am Parc Housen

SIDEN Den Här Roger Zanter vu Grooljen ass neien Deleguéierten am Comité vum Ofwaasserverband SIDEN

De « Syndicat intercommunal de Dépollution des Eaux résiduaires du Nord », SIDEN, huet säi Sëtz op der Bleesbréck a regroupéiert aktuell 34 Gemengen.
Den Objet vum Syndikat ass ënner anerem :

f) Evakuatioun an d'Rengegen vum Ofwaasser aus den ugeschlossenen Dierfer
g) Bedreiwen an Ënnerhalt vun de Kläranlagen, de Pompelstatiounen, Reeniwwerlaafbecken an de Sammelnetzer
h) Behandelen an Entsuergen vum Klärschlamm
i) Investéieren an nei a modern Ofwaasserinfrastrukturen nom neisten Stand vun der Technik an fir d'Erweiderung vun de Kapazitéiten

Den Här Bern Greischer vu Grooljen ass Déléguéiert vun der Gemeng Pëtschent am Offallsyndikat SIDEC

Den interkommunalen Offallsyndikat SIDEC garantéiert déi komplett Gestioun vum Hausmüll aus den 49 Membersgemengen aus dem nördlechen Deel vun eisem Land.

Fir dësen Aufgaben gerecht ze ginn exploitéiert de SIDEC niewent dem Dreckstipp um Friedhaff och nach verschidden Containerparken, Kompostanlagen an eng biomechanesch Virbehandlung vum Hausmüll, déi eenzegaarteg hei zu Lëtzebuerg ass.

Den Här Bern Greischer vu Grooljen ass neien Deleguéirten am Comité vum Naturpark Our

Den Naturpark Our mat sengen 7 Membersgemengen leit am Nordosten vum Eisleck an de lëtzebuerger Ardennen un der Grenz mat der Belsch an Daitschland. Säi Sëtz ass am Parc Housen.
Seng Haaptaufgaben sinn :

5. Erhalen an Erneieren vun der Natur mat der Planzen- an Déierewelt
6. Erhalen vun der gesonder Loft,vum proppere Waasser a vun enger héijer Buedemqualitéit
7. Erhalen a Restauréieren vun eisem Kulturgut
8. Förderen vum Tourismus an der Regioun am Aklang mat den uewen opgezielten Aufgaben vum Naturpark

Den Här Sylvain Feidert vu Groljen ass den neien Vertrieder vun der Gemeng Pëtschent am LEADER Grupp

LEADER bedeit « **L**iaison **E**ntre **A**ctions de **D**éveloppement de l'**E**conomie **R**urale ». Et handelt sech hei ëm eng Initiative vun der Europäescher Unioun fir Projet'en am ländleche Raum ze förderen.

D'Madame Fabienne Sinnes-Huberty vu Mierschent ass als Vertriederin vun der Gemeng Pëtschent am Office Régional du Tourisme Eisleck (ORTAL) genannt ginn.

D'Madame Conny Hermes-Kanivé vu Bivels ass als Vertriederin vun der Gemeng Pëtschent an d'Plateforme de Coopération « Club Senior – Club Haus op der Heed- » zu Hëpperdang bestëmmt ginn.

**2) Geneemegung vum Budget RESONORD (Budget rectifié 2017 an Budget 2018)**

Eestëmmeg geneemegt de Gemengerot de Budget vum Office Social Régional RESONORD den de Comité vum Resonord de 16.10.2017 gestëmmt huet. Fir d'Joër 2018 beleeft sech déi finanziell Bedeelegung vun der Gemeng Pëtschent op 27.222 Euros.

### 3) Bedeelegung vun der Gemeng Pëtschent um « supplément non-résident » vum Musiksconservatoire vum Norden fir d'Schouljoer 2017/2018

Wéi schonn déi Joeren virdrun ass de Gemengerot eestëmmeg averstaan, dass d'Gemeng Pëtschent och fir d'Schouljoer 2017/2018 fir d'Kanner déi an der Gemeng Pëtschent wunnen an nach an d'Schoul ginn de „supplément non-résident" den de Conservatoire de Musique du Nord Dikrech/Ettelbreck den Elteren verrechnet iwwerhëllt. De Betrag vun der Gemeng ass op 650 Euro pro Schüler begrenzt minus eng eventuell Participatioun vum Staat am Kader vum Chèque Service Accueil. Desweiteren muss och beluecht sinn dass d'Kand dat an der Museksschoull ageschriwen ass och den Schlussexamen vum Joer gemacht huet.

Um Enn vum Schouljoer a spéitstens bis den 31. Dezember sollen d'Elteren eng Kopie vun der Rechnung vum Conservatoire zesummen mam Beweis dass d'Kand den Examen gemeet huet, op der Gemeng eraginn fir d'Käschten vum Supplément non-résidents vun der Gemeng rembourséiert ze kréien.

### 4) Genemegung vun der Conventioun « Youth4WorkRégio » zesumme mam interkommunalen Syndikat « De Réidener Kanton »

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, fir d'Zesummenaarbecht mat der Associatioun « Youth4Work » bis den 30. Juni 2021 weiderzeféieren. Des Gesellschaft huet sech als Ziel gesat, fir Jugendlecher a jonk Erwuessener aus eiser Gemeng ze begleeden an ze beroden bei der Sich no enger Léier- oder Aarbechtsplaz.
Youth4Work ass e soziale Reseau, den zesummen mat Entreprisen, mat Lycée'en, der ALJ, der ADEM, verschidden Centre de formation an de Gemengen versicht, deene Jonken eng efficace Integratioun an d'Arbechtswelt ze erméiglechen.
Weider Informatiounen ënner: www.youth4work.lu oder iwwer Telefon : 26621141

### 5) Ënnerhalt vun de Feldweeër an der Gemeng Pëtschent fir d'Joer 2018

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Devis vum Service Technique de l'Agriculture vun Dikrech iwwer 77.000.- Euro fir d'Erneierung vun 2 Feldweeër, an zwar :

3. De Feldwee genannt « Kockä&Héi » zu Grooljen op enger Längt vun 350 Meter
4. De Feldwee « Leibruch » zu Weller/Mierschent op enger Längt vun 275 Meter

### 6) Personalugelegenheeten – Prime unique fir d'Gemengenaarbechter

Duerch de Règlement grand-ducal vum 29. Mäerz 2017 kréien d'Gemengefonctionnairen eng Prime unique fir d'Joer 2016 ausbezuelt. De Gemengerot entscheed eestëmmeg, dass des Prime unique vun 1% vum Joresgehalt 2016 och un d'Gemengenaarbechter ausbezuelt soll ginn.




**Service Technique Gemeng Pëtschent**

Serge Urhausen,
Joao Marques Ereira,
Ewald Plein,
Vitor Marques Ereira,
Patrick Schinnert,
René Kesseler

# Réunion du conseil communal de la commune de Putscheid en date du 15 décembre 2017

Présences : Roger Zanter, bourgmestre ;
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, échevines ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Bernard Greischer, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, conseillers communaux
Jean Trausch, secrétaire communal
Absent : ./.

## 1) Approbation d'un contrat de bail avec l'association « Bivelser Duerffrënn a.s.b.l »

Le conseil communal approuve un contrat de bail avec l'association « Bivelser Duerffrënn » aux termes duquel la commune loue le gîte rural à Bivels pour un montant symbolique de 25.- euros.
L'association « Bivelser Duerffrënn », qui s'occupe de la location du gîte, rembourse en fin d'année les frais avancés par la commune en relation avec le chauffage, l'électricité, l'eau et le nettoyage de l'auberge. Le bail dont question court du 01.01.2018 jusqu'au 31.12.2023.

## 2) Fixation d'un tarif d'utilisation en relation avec la location de la salle des fêtes à Bivels

Le conseil communal fixe le tarif pour l'utilisation de la salle des fêtes à Bivels, dénommée « Grillhaischen » à 125.- euro par journée d'utilisation. La caution à déposer avant la location est fixée à 250.- euro.

## 3) Approbation du nouveau contrat collectif pour les ouvriers communaux de la commune de Putscheid

La commune occupe actuellement 6 ouvriers à plein temps et une personne à temps partiel, dont les contrats de travail sont tous greffés sur le contrat collectif des ouvriers de l'Etat et dont le dernier a été délibéré au sein du Conseil communal en date du 19 août 2011. Tenant compte de la proposition du collège échevinal d'appliquer aux nos salariés le contrat collectif des ouvriers de l'Etat toujours dans sa version la plus récente, adapté aux spécificités du domaine communal, les membres du conseil communal à l'unanimité des voix approuve une convention collective des salariés de la commune de Putscheid, sur base de la convention collective de salariés de l'Etat, élaboré par le collège échevinal en étroite collaboration avec les salariés de la commune de Putscheid actuellement en service.
Le nouveau contrat collectif pour les salariés de la commune de Putscheid sera applicable à partir du 01.01.2018.

## 4) -Projet Night Light- propositions de mise en pratique de mesures immédiates

Le projet européen INTERREG « Night light » poursuit le but d'agir activement contre la pollution lumineuse et d'augmenter avec ceci la valence d'un ciel de nuit naturellement sombre.

Pour le Grand-Duché de Luxembourg, c'est le Parc Naturel de l'Our, dans lequel Putscheid est une des communes-membres de la première heure, est partenaire de ce projet européen transfrontalier.

Etant donné que notre commune est très active dans le cadre du pacte climat occupant actuellement la première place pour le Luxembourg et la 13ième place dans toute l'Europe, le conseil communal entend poursuivre ses efforts en vue de réaliser un effet bénéfique sur la pollution lumineuse.
Pour cette raison le conseil communal à l'unanimité des voix décide

- ✓ que la commune de Putscheid renonce à partir de 23.00 heures du soir jusqu'à 6.00 heures du matin à l'éclairage de ses bâtiments publics comme par exemple les édifices religieux, le château de Stolzembourg etc. tout en respectant les besoins spécifiques en matière de sécurité
- ✓ que la commune de Putscheid limite son éclairage de noël de 16.00 heures jusqu'à 23.00 heures et de 6.00 heures jusqu'à 8 heures
- ✓ que lors du renouvellement de l'éclairage public communal ou étatique sur le territoire de la commune de Putscheid, le conseil communal insistera à mettre en place un éclairage à faible consommation d'énergie (système LED ou similaire avec intensité lumineuse variable)

**5) Approbation du budget rectifié 2017 et du budget 2018**

Pour l'exercice 2018, le collège échevinal de la commune de Putscheid profite à nouveau de la réserve budgétaire pour garder son budget en équilibre.
Les projets phares du budget 2018 sont les suivants :

- ➢ réaménagement de la localité de Merscheid avec le renouvellement des infrastructures routières dans la rue de Hoscheid et la rue de Gralingen
- ➢ planification et réalisation de deux lotissements avec participation communale dans la rue de Wahlhausen et la rue de Gralingen à Merscheid
- ➢ des investissements très importantes sont prévus pour la planification et la construction de nouvelles stations d'épuration avec bassins d'orage, stations de pompage et collecteurs. Ainsi pour la construction d'une nouvelle station d'épuration pour le village de Nachtmanderscheid et les maisons isolées de la route de Vianden, et pour une nouvelle station d'épuration à Putscheid pour les localités de Putscheid et Weiler, le budget pluriannuel prévoit une dépense annuelle de 1.066.000 sur une période de six ans
- ➢ agrandissement et rénovation des bureaux de la mairie de Putscheid
- ➢ poursuite de réalisation du projet participatif « Eng Plaatz vir All » vis-à-vis de la mairie de Putscheid.

Les articles budgétaires phares du budget rectifié 2017 et du budget 2018 se présentent comme suit :

| **Articles budgétaires – recettes -** | **Budget rectifié 2017** | **Budget 2018** |
|---|---:|---:|
| Impôt foncier | 99.653 | 100.000 |
| Impôt commercial | 22.522 | 23.257 |
| Dotations de l'Etat | 3.211.977 | 3.373.050 |
| Gestion des déchets | 90.000 | 90.000 |
| Gestion des eaux usées | 152.000 | 152.000 |
| Gestion des eaux potables | 202.000 | 202.000 |
| **Articles budgétaires – dépenses -** | **Budget rectifié 2017** | **Budget 2018** |
| Gestion des déchets | 102.600 | 103.700 |
| Gestion des eaux usées | 158.083 | 182.824 |
| Gestion des eaux potables | 207.902 | 218.300 |
| Frais de fonctionnement de l'enseignement école centrale « Parc Hosingen SISPOLO » | 364.542 | 362.491 |

| | | |
|---|---|---|
| Maisons-relais/Foyer scolaire au « Parc Hosingen » | 184.749 | 229.713 |
| Participation à l'exploitation de la piscine « Aquanatour » sur le site Parc Hosingen | 209.007 | 212.053 |
| Plan d'Aménagement général – frais d'études - | 70.000 | 73.500 |
| Rénovation et agrandissement de la mairie de Putscheid | 30.000 | 200.000 |
| Investissements dans les stations d'épuration (SIDEN) | 527.570 | 1.066.948 |
| Renouvellemnt du réseau de canalisation dans la rue de Gralingen et la rue de Hoscheid à Merscheid | 0 | 100.000 |
| Renouvellement des trottoirs dans la rue de Gralingen et la rue de Hoscheid à Merscheid | 0 | 150.000 |
| Renouvellement de la conduite d'eau dans la rue de Gralingen et la rue de Hoscheid à Merscheid | 0 | 100.000 |
| PAP rue de Gralingen à Merscheid | 0 | 100.000 |
| PAP rue de Wahlhausen à Merscheid | 189.448 | 0 |
| Aménagement d'une zone de loisir vis-à-vis de la mairie | 286.363 | 0 |
| Aménagement d'un terrain MULTISPORT dans la zone de loisir vis-à-vis de la mairie | 0 | 75.000 |

A l'unanimité des voix les membres du conseil communal de Putscheid approuvent le budget rectifié 2017 et le budget 2018 comme suit :

**Tableau récapitulatif du budget rectifié de l'exercice 2017**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 4.098.562,41 | 927.237,90 |
| Total des dépenses | 2.944.001,21 | 2.227.042,68 |
| Boni propre à l'exercice | 1.154.561,20 | |
| Mali propre à l'exercice | | 1.299.804,78 |
| Boni du compte 2016 | 602.834,14 | |
| Boni général | 1.757.395,34 | |
| Mali général | | |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 1.299.804,78 | 1.299.804,78+ |
| Boni présumé fin 2017 | 457.590,56 | |

**Tableau récapitulatif du budget de l'exercice 2018**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 4.416.436,06 | 434.693,66 |
| Total des dépenses | 3.210.760,50 | 2.086.658,34 |
| Boni propre à l'exercice | 1.205.675,56 | |
| Mali propre à l'exercice | | 1.651.964,68 |
| Boni présumé fin 2017 | 457.590,56 | |
| Boni général | 1.663.266,12 | |
| Mali général | | - 1.651.964,68 |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 1.651.964,68 | + 1.651.964,68 |
| Boni définitif | 11.301,44 | |

### 6) Attribution officielle du titre de « bourgmestre honoraire de la commune de Putscheid » à Monsieur Jean Kinn

En conférant le titre de « bourgmestre honoraire » à Monsieur Jean Kinn, le conseil communal avec huit contre une voix a honoré le travail politique de 36 années au service de sa commune. Monsieur Jean Kinn, né le 02.02.1940 à Diekirch et vivant depuis sa naissance à Nachtmanderscheid a été élu pour la première fois au conseil communal de la commune de Putscheid en 1982. D'abord conseiller communal de 1982 à 1993, il a exercé pendant quatre période de 1994 à 2017 la fonction de bourgmestre de la commune de Putscheid.

Le bourgmestre actuel Monsieur Roger Zanter a décrit Monsieur Jean Kinn comme un servant fidèle au service de la commune de Putscheid et de ses concitoyens, qui de par ses bons et loyaux services à la communauté mérite un hommage spécial de la part de la commune. La réalisation du projet pilote « Neit Wunnen » à Putscheid ainsi que la mise en place du centre scolaire et sportif sur le site « Parc Hosingen » ont été réalisées pendant la durée de son mandat de bourgmestre.



Jean Kinn
mat senger Madame
Louise Kinn-Bastin

### 7) Location des trois logements sociaux dans l'enceinte du vieux presbytère de Merscheid

Après l'achèvement des travaux de rénovation et de transformation de l'ancien presbytère de Merscheid en trois logements sociaux, le conseil communal est appelé à prendre une décision quant à la location ultérieure desdits logement.

Le collège échevinal présente au conseil communal les trois différentes options possibles, à savoir :

1. La commune loue elle-même suivant les critères du logement social les trois logements à des ménages de leur choix
2. La commune loue deux logements à l'AIS (Agence Immobilière sociale) et un logement suivant les critères du logement social à un ménage de leur choix
3. La commune loue tous les trois logements à l'AIS (Agence Immobilière Sociale) qui s'occupe de la location.

Après avoir discuté en long et en large les trois options de location, le conseil communal avec six voix pour et trois voix contre décide finalement de collaborer avec l'agence immobilière sociale pour la location des trois logements sociaux dans l'ancien presbytère de Merscheid, à condition que les critères de sélection soient pris en concertation avec les responsables du service régional RESONORD, le représentant de la commune de Putscheid auprès du RESONORD entendu en son avis.
(Trois membres du conseil communal se sont prononcés pour la deuxième proposition et aucune personne du conseil communal a favorisé la première proposition)
Les membres du collège échevinal sont invités à prendre contact avec l'Agence Immobilière Sociale en vue de négocier un contrat de bail respectif.

# Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 15. Dezember 2017

Et waren do: Roger Zanter, Buergermeeschter
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, Schäffinnen ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Bernard Greischer, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, Conseilleren

Jean Trausch, Gemengesekretär

Et huet kee gefeelt.

## 1) Geneemegung vun engem Mietvertrag mam Veräin « Bivelser Duerffrënn a.s.b.l »

De Gemengerot geneemegt de Mietvertrag mat de Bivelser Duerfrënn fir d'Lokatioun vum Gîte rural zu Bivels fir 25.- Euro d'Joer. De Kontrakt leeft vum 01.01.2018 bis den 31.12.2023
D'Bivelser Duerffrënn këmmeren sech em d'Lokatioun vum Gîte un Touristen a rembourséieren mat engem Deel vun den Einnamen der Gemeng um Enn vum Joer d'Käschten fir Heizung, Elektresch, Waasser a Botzen.

## 2) Festleeën vum Tarif fir d'Benotzen vum Festsall zu Bivels

De Gemengerot leet den Tarif fir d'Benotzen vum Festsall « Grillhaischen » zu Bivels op 125.- Euro fest. Eng Kautioun vun 250.- Euro muss am Virfeld op der Gemeng deposéiert ginn.

## 3) Geneemegung vum neie Kollektivvertrag fir d'Gemengenaarbechter

Aktuell schaffen op der Gemeng Pëtschent 6 Vollzäit- an 1 Deelzäitmataarbechter ënnert dem Statut vum Gemengenaarbechter. Hir aktuell Aarbechtskontrakter sinn op Basis vum Staatsaarbechterkollektivvertrag opgestallt. De leschten Gemengenarbechterkollektivvertrag war den 19. August 2011 am Gemengerot geneemegt ginn.
Op Virschlag vum Schäfferot, fir bei eisen Gemengenaarbechter ëmmer déi aktuellst Versioun unzewenden, geneemegt de Gemengerot eestëmmeg en neie Kollektivvertrag vir eis Gemengenarbechter. Desen neien Kollektivvertrag ass vum Schäfferot zesummen mat den Aarbechter ausgeschafft ginn. An den groussen Zich ass den neien Kollektivvertrag, den de speziellen Ufuerderungen vum Gemengesecteur Rechnung dréit, dem neien Kollektivvertrag vum Staat ugeglach ginn.
Den neie Kollektivvertrag soll ab dem 01. Januar 2018 ugewannt ginn.

## 4) -Projet Night Light- Virschlag fir verschidden Moossnamen direkt ëmzesetzen

Den europäeschen INTERREG Projet « Night light » verfollegt Ziel fir aktiv géint all Liichtverschmotzung virzegoen an esou nees de Wäert vun engem natierlechen Nuetshimmel erbäi ze féieren.

Hei zu Lëtzebuerg ass den Naturpark Our, an dem d'Gemeng Pëtschent eng vun de Grënnungsgemengen vun der éischter Stonn ass, Partner vun dësem europäesche Projet.

Well d'Gemeng Pëtschent jo ganz aktiv am Klimapakt ass, a säit leschtem Joer als bescht Gemeng hei

zu Lëtzebuerg zielt an europawäit eng gutt 13. Plaz beleet, ass et dem Gemengerot wichteg, fir och an Zukunft all Efforten ze maachen fir mat Erfolleg géint Liichtverschmotzung virzegoen.

Aus dësen Ursaachen sinn folgend eestëmmeg Entscheedungen getraff ginn :

- ✓ D'Gemeng Pëtschent verzicht an Zukunft zwëschen 23.00 Auer a 06.00 Auer Moies op d'Beliichtung vun all ëffentleche Gebaier wéi zum Beispill Kierchen oder d'Schlass zu Stolzebuerg, virausgesat dass déi ëffentlech Sécherheet garantéiert bleift.
- ✓ D'Gemeng Pëtschent beschränkt d'Chrëschtbeliichtung op en Zäitraum vun 16.00 Auer bis 23.00 Auer Owes an vun 06.00 Auer bis 08.00 Auer Moies.
- ✓ An Zukunft wäert de Gemengerot bei all Erneierung vun der Stroossebeliichtung souwuel op Gemengen- wéi och op Staatsstroossen dorop insistéieren, dass nëmmen nach Luuchten zum Asaz kommen, déi en niddreg Stroumverbrauch hunn an sech ofdimmen loossen.

**5) Geneemegung vum Budget rectifié 2017 a vum Budget 2018**

Fir den Exercice 2018 kann de Schäfferot op en neits vun der Reserve am Budget profitéieren, fir de Budget am Gläichgewiicht ze halen.

Déi Haaptprojeten fir d'Joer 2018 sinn folgend :

- ➢ Neigestaltung vum Duerf Mierschent mat der Erneierung vun de Stroosseninfrastrukturen an der rue de Gralingen an an der rue de Hoscheid
- ➢ Plangen a Realiséieren vun zwee Lotissementer mat Gemengenbedeelegung an der rue de Wahlhausen an an der rue de Gralingen zu Mierschent
| N°de courses | | 6371 | 6983 |
|---|---|---|---|
| Régime de circulation | | Ⓐ | Ⓐ |
| Exploitant | | Simon D | Simon D |
| CLERVAUX, Gare/Lycée | ab | 14.55 | 16.37 |
| CLERVAUX, Maison de Retraite | | 14.56 | 16.38 |
| CLERVAUX, Place Benelux | | 14.57 | 16.39 |
| CLERVAUX, Police | | 14.58 | 16.40 |
| CLERVAUX, Clinique | | 14.59 | 16.41 |
| REULER, Hôh quai 2 | | 15.00 | 16.42 |
| MARNACH, Bei der Kiirch | | 15.02 | 16.45 |
| MARNACH, Op der Breck | | 15.03 | 16.46 |
| MARNACH, Geschäftszenter | | 15.04 | 16.47 |
| HOSINGEN, Bayrischt | | 15.09 | 16.52 |
| HOSINGEN, Bei der Kierch | | 15.09 | 16.52 |
| HOSINGEN, Eesberwee | | 15.10 | 16.53 |
| HOSINGEN, Z.A.E.R. | | 15.11 | 16.54 |
| SCHINKER, Um Schinker | | 15.12 | 16.55 |
| WAHLHAUSEN, Beim Chalet | | 15.13 | 16.56 |
| WAHLHAUSEN, An der Deckt | | 15.14 | 16.57 |
| WAHLHAUSEN, Op Solk | | 15.15 | 16.58 |
| WAHLHAUSEN, Burebierg | | 15.16 | 16.59 |
| WAHLHAUSEN, Kiirch | | 15.17 | 17.00 |
| WAHLHAUSEN, Akescht | | 15.18 | 17.01 |
| PUETSCHEID, Gemeng | | 15.21 | 17.04 |
| WEILER (PUETSCHEID), Gemengebau | | 15.22 | 17.05 |
| MERSCHEID (PUETSCHEID), Hennischtgaass | | 15.25 | 17.08 |
| GRALINGEN, Schoul | ↓ | 15.28 | 17.11 |
| GRALINGEN, Am Bréill | an | 15.28 | 17.12 |

**Explications :**
Ⓐ = lu-ve périodes scolaires

## Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 2. Mee 2018

Et waren do: Roger Zanter, Buergermeeschter
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, Schäffinnen ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, Conseilleren

Jean Trausch, Gemengesekretär

Et war entschëllegt ofgemellt: Bernard Greischer, Conseiller

### 1) Provisoresch Nominatioun vun engem Redakter am Gemengesekretariat

An der Sitzung vum 24. Mee 2017 hat de Gemengerot d'Entscheedung geholl, fir de bestoenden hallwen Posten vum Redakter am Gemengesekretariat ob e ganze Posten opzestocken.

Nodeem dëse Posten den 03. Mäerz an der Presse publizéiert ginn ass, hunn sech 20 Kandidaten gemellt, dovun der 17 d'Konditiounen, dass si schonn den Admissibilitéitsexamen an der Carrière vum Redakter hunn, erfëllt hunn.

Wärend de Bewerbungsgespréicher mat deenen Kandidaten, déi zréckbehalen goufen huet de Schäfferot ëmmer erëm de Wonsch geäussert, dass den neien Redakter misst flexibel a motivéiert sinn an eng zolidd allgemeng Bildung misst matbréngen fir am Gemengesekretariat bei der deeglecher Aarbecht auszehëllefen, vir an enger spéiderer Etapp de Posten vum Gemengesekretär kënnen ze iwwerhuelen.

An enger geheimer Ofstëmmung huet de Gemengerot eestëmmeg den Här Jerry Breuer, 25 Joer vu Wegdichen provisoresch op de Posten vum Redakter vun der Gemeng Pëtschent gestëmmt, an dëst ab dem 15. Juli 2018.

### 2) Interventioun beim Conseil Permanent de la langue luxembourgeoise fir dass de lëtzebuerger Numm vun der Gemeng an Uertschaft Pëtschent endlech richteg geschriwwen gëtt

An engem Courrier vum 18. Oktober 2017 hat de Conseil Permanent de la langue luxembourgeoise (CPLL) den Avis betreffend der letzebuerger Rechtschreiwung vun den Nimm vun de Gemengen an Dierfer, vun de Responsablen vun der Gemengeverwaltungen gefrot.
An senger Äntwert hat de Schäfferot dunn direkt insistéiert, dast eis Gemeng « Pëtschent » misst heeschen an net « Pëtscht » wéi Duerf an d'Gemeng oft vernannt gëtt.

Nodeem dass déi nei Lëscht vum Conseil Permanent de la langue luxembourgeoise (CPLL) am Abrëll 2018 publizéiert ginn ass, hunn déi Gemengeverantwortlech mat groussem Erstaunen missten feststellen, dass den Numm vun der Pëtschter Gemeng net wéi gefrot geännert ginn ass.
De Gemengerot huet es elo genuch an intervenéiert nach emol mat Nodrock an insistéiert an enger offizieller Deliberatioun, dass den Numm vun der Gemeng an dem Duerf Pëtschent muss « Pëtschent » sinn an net « Pëtscht » !

### 3) Geneemegung vun engem PAP an der rue de Wahlhausen zu Mierschent

Nom Avis vun der Cellule d'évaluation vum Inneministère geneemegen d'Memberen vum Gemengerot eestëmmeg de PAP an der rue de Wahlhausen, wou d'Gemeng Pëtschent 4 Eefamilljenhaiser a 4 jumeléiert Haiser wäert bauen.



### 4) Geneemegung vun der Konventioun fir d'« Club Haus op der Heed » vum Club Senior fir d'Joer 2018

Eestëmmeg geneemegt de Gemengerot d'Konventioun fir d'Joer 2018 zwëschen dem Staat, de bedeelegte Gemengen an der asbl « Foyer Seniors », déi de Fonctionnement vum « Centre régional d'animation et de guidance pour personnes âgées Haus op der Heed zu Hëpperdang reegelt.

### 5) Festleeë vum Steiersaz fir d'Gewerbesteier fir d'Joer 2019

Eestëmmeg entscheeden déi Gemengeverantwortlech de Steiersaz fir d'Gewerbesteier onverännert op 350% fir d'Joer 2019 ze loossen.

### 6) Festleeë vum Steiersaz fir d'Grondsteier 2018

Mehrheetlech beschléisst de Gemengerot, de Steiersaz vir d'Joer 2019 vun der Grondsteier onverännert ze loossen.

### 7) Ëmänneren vum Verkéiersreglement

Bei Geleeënheet vun der Marche de L'Armée beschléisst de Gemengerot eestëmmeg fir de Gemengewee « Maarkebach » de 26 Mee 2018 vun 9.00 Auer bis zum Enn vun der Marche ze spären an dest fir eng optimal Sécherheet fir d'Wanderer ze garantéieren.

### 8) Bestëmmen vun de Memberen vun deenen eenzelne Kommissiounen

Nom Opruff an der Bevëlkerung besetzt de Gemengerot déi eenzel Kommissiounen folgendermoossen :

**Jugendkommissioun**

1. Här Sylvain Feidert vu Grooljen
2. Madame Romy Junk-Degrand vu Weller
3. Madame Nadine Junker vu Grooljen
4. Madame Françoise Mangen-Schintgen vu Pëtschent
5. Madame Fabienne Sinnes-Huberty vu Mierschent
6. Här Christian Zanter vu Grooljen

**Kulturkommissioun**

1. Här Nico Jacobs vu Weller
2. Här Marc Jacoby vu Pëtschent
3. Här Christophe Unkelhäusser vu Stolzebuerg
4. Här Roger Zanter vu Grooljen

**Integratiounskommissioun**

1. Madame Danièle Di Cato vu Weller
2. Madame Conny Hermes-Kanivé vu Bivels
3. Madame Liliane Nogueira Da Silva vu Bivels
4. Madame Sonia Nogueira Da Silva vu Bivels
5. Madame Maria Alice Pereira Correia vu Bivels
6. Madame Malou Schaul-Boonen vu Weller
7. Madame Lili Trausch-Palacios vu Pëtschent
8. Här Christophe Unkelhäusser vu Stolzembuerg
9. Här Roger Zanter vu Grooljen

**Klimateam**

1. Här Alain Biver vu Bivels
2. Madame Danièle Di Cato vu Weller
3. Här Bernard Greischer vu Grooljen
4. Madame Conny Hermes-Kanivé vu Bivels
5. Här Aloyse Lieners vu Stolzembuerg
6. Madame Dorothee Viersch-Klöcker vu Grooljen
7. Här Georges Poorters vu Grooljen
8. Här Günter Schmitz vu Bivels
9. Här Marc Seil vu Mierschent
10. Madame Mia Kanivé-Sörensen vu Bivels
11. Här Rainer Telaar (Energieberoder)
12. Här Jean Trausch vu Pëtschent
13. Här Roger Zanter vu Grooljen

**Redaktiounsteam « Pëtschter Noriicht »**

1. Här Alain Biver vu Bivels
2. Här Jerry Breuer vu Wegdichen
3. Här Nico Jacobs vu Weller
4. Här Jérôme Sinnes vu Mierschent
5. Här Jean Trausch vu Pëtschent
6. Här Roger Zanter vu Grooljen

### 9) Presentatioun vum Plan pluriannuel financier (PPF) 2019-2021

Vir zukünfteg Investissementer kënnen ze plangen an och ze finanzeieren hunn d'Gemengen mam Plan pluriannuel financier (PPF) e flotten Programm zu hirer Verfügung, vir eng besser kuerz- a mëttelfristeg Finanzgestioun ze maachen.
De PPF gëtt vum Schäfferot fir d'Joren 2019 bis 2021 presentéiert. (kuckt w.e.g. bei der franséischer Versioun)

### 10) Geneemegung vu verschidden administrativen Akten

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg :

- den administrativen Tauschakt N° 30 vum 30. Abrëll 2018 zwëschen dem Schäfferot an der Famill Nieder, wou zwou Parzellen getosch ginn fir eng bestoend Situatioun de regulariséieren.
- den administrativen Akt N° 31 vum 30. Abrëll 2018 zwëschen dem Schäfferot an der Famill Gérard Hipp-De Bondt vu Mierschent. Hei keeft d'Gemeng eng Parzell N°617/1509 beim lieu-dit « Op Hiwel » vu 4 Ar 66 ca zum Präis vun 400.- Euro den Ar, also fir insgesamt 4 Ar 66 ca * 400= 1.864.- Euro.
  D'Gemeng huet des Parzell kaaft fir e proppere Wee bei de Mierschter Waasserbehälter kënnen unzeleeën.
- den Akt vum 02.05.2018 zwëschen dem Letzebuerger Staat an dem Schäfferot, bei dem d'Gemeng d'Parzell N° 38/1289, beim lieu-dit « rue principale » Sektioun F vu Grooljen vun 7 Ar 96 ca zum Präis vun 2.200.- Euro, also insgesamt 17.512.- Euro vum Staat oofkeeft
  Op dësem Terrain steet aktuell d'Spillplaz vu Grooljen.

### 11) Geneemegung vum Kont 2016

De Finanzrapport vum Service de Contrôle de la Comptabilité vum Inneministère attestéiert der Gemengenverwaltung Pëtschent eng tadellos Féierung vun den Einnamen an Ausgaben vir de Kont vum Joer 2016.
Op Grond vun der gudder Gestioun vun de Gemengefinanzen kritt de Schäfferot vum Gemengerot Decharge an de Kont 2016 gëtt eestëmmeg ugeholl.

De Kont 2016 as folgendermoossen zesummegesat :

| | |
|---|---|
| Boni vum Kont 2015 | 2.292.886,15.- Euro |
| Gewéinlech Einnamen | 3.828.003,97.- Euro |
| Aussergewéinlech Einnamen | 246.247,34.- Euro |
| Total vun den Einnamen | 6.367.137,46.- Euro |
| Mali vum Kont 2015 | 0.- Euro |
| Gewéinlech Ausgaben | 2.913.650,31.- Euro |
| Aussergewéinlech Ausgaben | 2.850.653,01.- Euro |
| Total vun den Ausgaben | 5.764.303,32.- Euro |
| BONI 2016 | 602.834,14.- Euro |
| MALI 2016 | 0.- Euro |

### 12) Ufro beim Transportministère fir eng Upassung vun de Bushoraire ze kréien fir den zukünftegen Schüler d'Méiglechkeet ze ginn, sech am neie Klierfer Lycée anzeschreiwen

Déi politesch Verantwortlech si ganz frou, dass elo mat der Schoulrentrée 2018/2019 de Klierfer Lycée seng Dieren opmécht. De Gemengerot beschléisst fir am Transportministère ze intervenéieren, fir eng Upassung vun de Bushorairen fir Dierfer Grooljen, Mierschent a Weller ze kréien, fir de Schüler aus dësen Dierfer och d'Méiglechkeet ze ginn, sech an dësem neien Lycée anzeschreiwen.
Duerch d'Linn 664 (Klierf-Veianen), déi d'lescht Joer nei agefouert ginn ass sinn Dierfer Bivels, Stolzebuerg a Pëtschent well beschtens un de Klierfer Lycée ugebonnen.

### 13) Budgetsännerung

Am Kader vun de Kanalaarbechten zu Weller geneemegt de Gemengerot en Zousatzkredit vun 40.000 Euro, wat et erméiglecht fir bei dësen Aarbechten och d'Waasserleitung nei ze machen.

### 14) Bedeelegung un der Campagne « Ensemble contre le gaspillage alimentaire »

De Gemengerot engagéiert sech fir bei der Campagne vun der Regierung « Ensemble contre le gaspillage alimentaire » mat ze maachen.
Hei geet ët drëm, fir d'Consommateuren ze sensibliseieren fir responsabel anzekafen an all Verschwendung ze vermeiden.
(Artikel Säit 86)

# Réunion du conseil communal de la commune de Putscheid en date du 29 juin 2018

Présences : Roger Zanter, bourgmestre ;
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, échevines ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Bernard Greischer, Christian Junk, Sylvain Feidert, Marc Schleich, conseillers communaux
Jean Trausch, secrétaire communal
Absent : ./.

## 1) Participation de la commune de Putscheid dans la S.A Wandpark Housen-Pëtschent » - acquisitions d'actions -



Dans le but d'augmenter l'acceptation d'un parc éolien sur les territoires du Parc Hosingen et de Putscheid, la société SOLER SA, qui a été constituée par les sociétés SEO SA et Enovos, a proposé d'ouvrir le capital social de la société anonyme « Wandpark Housen-Pëtschent » d'un côté aux habitants des deux communes, aux propriétaires des terrains sur lesquels les éoliennes ont été érigées ainsi qu'aux deux entités communales concernées Parc Hosingen et Putscheid.
Dans cette optique 3.420 parts de la société « Wandpark Housen-Pëtschent » sont réservées aux habitants des deux communes ainsi qu'à la Commune du Parc Hosingen et la Commune de Putscheid, à savoir :

- 1.710 actions (jusqu'à 10 % du capital social) sont réservées aux particuliers susmentionnés désireux de faire une souscription d'actions (dont 1140 parts pour les habitants du Parc Hosingen et 570 parts pour les habitants de la commune de Putscheid)
- 1.710 actions dont 1.140 pour la commune du Parc Hosingen et 570 pour la commune de Putscheid, sont réservées le cas échéant aux deux communes

Avec cette action, une partie des bénéfices réalisés par le parc éolien « Housen Pëtschent » sera réservée à la population locale respectivement aux communes concernées.
Pour ces motifs les membres du conseil communal décident

- avec 8 voix pour et une abstention de souscrire à 570 actions pour le compte de la commune de Putscheid d'une valeur nominale de 250 euros + 75 euros pour frais administratifs et compensation des risques = 325 euros par action, soit la somme totale de 185.250.- euros

- avec 6 voix pour, deux abstentions et une voix contre de souscrire pour le compte de la commune de Putscheid à 570 actions au maximum (quote-part réservée aux habitants) d'une valeur nominale de 250 euros + 75.- euros pour frais administratifs et compensation des risques = 325 euros par action, soit de nouveau 185.250.- euros en cas de l'absence d'intérêt de souscription de la part des habitants

- à l'unanimité des voix de ne pas vendre dans l'avenir les actions appartenant à la commune de Putscheid en rapport avec la société anonyme « Wandpark Housen-Pëtschent SA » à des

tierces personnes, çàd ni celles acquises directement par la commune, ni la part des actions non-souscrites par les habitants.

### 2) Approbation de l'état des restants de l'exercice 2017

C'est le receveur communal, M. Alain Biver qui donne un bref aperçu sur le relevé des personnes qui ont encore des obligations financières envers la commune de Putscheid.
Le total des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2017 s'élève à 2.719,29.- euros.
Aucune décharge n'a été demandée par le receveur et le conseil communal charge le receveur de poursuivre le reste des débiteurs par tous les moyens lui appropriés.

### 3) Fixation du programme annuel des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale pour l'exercice 2019

Les édiles communaux prévoient le programme de la voirie rurale pour l'exercice 2019 comme suit :

| Localité | Lieux-dits | Nature des travaux | longueur |
|---|---|---|---|
| Weiler | Biogas Endlager | Travaux de reprofilage et tapis en béton bitumineux | 25 m |
| Nachtmanderscheid | Bifurcation CR322 PC 22 | Idem | 10 m |
| Stolzembourg | Ohlzberg | Idem | 270 m |

### 4) Approbation du décompte du projet en rapport avec la transformation de l'ancien presbytère de Merscheid en trois logements sociaux

La transformation de l'ancien presbytère en trois logements sociaux a finalement coûté 1.066.467.- euros. Le devis initial et le devis supplémentaire approuvé par le conseil communal se chiffraient au total à 1.064.264.- euros. L'aide étatique accordé par le Ministère du Logement à la commune de Putscheid s'élevait à 725.246.- euros.
Vu ces chiffres, le conseil communal à l'unanimité des voix approuve le décompte final en rapport avec le projet susmentionné présenté par le collège échevinal.

### 5) Modification du règlement de la circulation de la commune de Putscheid

- A l'occasion de la manifestation sportive automobile dénommée « Rallye Lëtzebuerg » qui aura lieu le 13.07.2018 aux alentours de la localité de Merscheid, le conseil communal décide de modifier le règlement de la circulation de la commune de Putscheid.
- Dans le but de sécuriser la route nationale N10 au carrefour « Op der Loch » à Bivels, le conseil communal demande officiellement l'aide du Ministère du Développement durable et des Infrastructures afin de diminuer la vitesse maximale au lieu-dit « Op der Loch » à 50km/h au lieu de 70km/h.

6) **Approbation du contrat de bail avec le syndicat d'Initiative de Stolzembourg en rapport avec le musée des mines et la mine de cuivre**

En vue de garantir l'exploitation touristique du site « Koffergrouf », le conseil communal est d'accord de louer au Syndicat d'Initiative de Stolzembourg pour une durée de 6 ans et un montant annuel symbolique de 25.- euro le Musée des Mines ainsi que le Centre d'accueil Koffergrouf.

7) **Projet Night Light – modification budgétaire -**

Les membres du conseil communal sont d'accord d'allouer un crédit de 30.000.- euro au profit de l'article budgétaire 4/640/221313/18001 intitulé « Projet Night Light » en vue d'avoir les moyens nécessaires de mettre en pratique le plan d'action du projet susmentionné.

8) **Approbation d'un acte administratif**

Le conseil communal approuve l'acte administratif N°32 du 30 avril 2018 entre le collège échevinal de la commune de Putscheid et le Syndicat intercommunal de Dépollution des Eaux résiduaires du Nord en abrégé « SIDEN » aux termes duquel la commune achète la parcelle cadastrale N° 205/1006 au lieu-dit « Auf der Ahlersang » contenant 41 centiares appartenant au SIDEN pour le prix d'un euro symbolique.

9) **Approbation de plusieurs conventions**

Le conseil communal approuve

- une convention avec les consorts Kinn se rapportant aux travaux de mise en place des infrastructures d'assainissement, de drainage et de raccordements aux réseaux pour un futur projet de viabilisation des terrains en vue de la construction de deux maisons unifamiliales sur la parcelle 14/111 de Sylvie Everard-Kinn et Josiane Kinn à Nachtmanderscheid.

- une convention avec M. Nico Kartheiser et M. Paul Reinig se rapportant aux travaux de mise en place des infrastructures d'assainissement, de drainage et de raccordements aux réseaux pour viabiliser des fonds sis à Stolzembourg aux lieux-dits « rue principale » et « op dem Gritt ».

- une convention accordant à la dame Theis-Majerus Astrid demeurant à Eisenbach accès à la parcelle N° 422/1367 abritant l'ancien château d'eau au lieu-dit « auf alt Bivels » afin d'alimenter un abreuvoir pour le bétail dans le pâturage avoisinant.

10) **Divers**

Le conseil communal

- accorde un subside extraordinaire de 500.- euros à l'association locale « Amicale 79 Grooljen » à titre de participation de la commune de Putscheid aux frais d'acquisition des sacs en jute, distribués aux visiteurs lors du « Emweltsonndeg » le 10 juin 2018 à Gralingen

- décide de relancer à partir de l'année prochaine le projet de plantation d'arbres fruitiers et de haies sur le territoire de la commune de Putscheid (voir page 53)

# Sëtzung vum Gemengerot vu Pëtschent vum 29. Juni 2018

Et waren do: Roger Zanter, Buergermeeschter
Conny Hermes-Kanivé, Fabienne Sinnes-Huberty, Schäffinnen ;
Nico Jacobs, Carlo Birchen, Christian Junk, Bernard Greischer, Sylvain Feidert, Marc Schleich, Conseilleren

Jean Trausch, Gemengesekretär

Et huet kee gefeelt.

## 1) Bedeelegung vun der Gemeng Pëtschent an der Gesellschaft « Wandpark Housen-Pëtschent S.A.» duerch de Kaf vun Aktien



Mam Zil d'Acceptanz vum Wandpark an deenen zwou Gemengen Parc Housen a Pëtschent ze steigeren schléit d'Bedreiwergesellschaft SOLER S.A., déi vun der SEO S.A. an der Creos gegrënnt ginn ass, vir, fir d'Kapital vun der Gesellschaft « Wandpark Housen-Pëtschent » opzemaachen, engersäits fir d'Awunner vun deenen zwou Gemengen, fir d'Propriétairen vun den Terrainen, op deenen d'Wandmillen opgeriicht gi sinn an anerersäits och fir déi zwou Gemengen selwer.

Sou sollen am Ganzen 3.420 Aktien vun der Gesellschaft « Wandpark Housen-Pëtschent » reservéiert, ginn an folgendermoossen opgedeelt ginn :

- 1.710 Aktien (bis 10 % vum Kapital) fir d'Privatleit (dovun 1140 Aktien fir d'Awunner aus der Gemeng Parc Housen an 570 Aktien fir d'Awunner aus der Gemeng Pëtschent)
- 1.710 Aktien, wouvun der 1.140 Aktien fir d'Gemeng Parc Housen a 570 Aktien fir d'Gemeng Pëtschent sollen erfaalen.

Mat dëser Aktioun soll en Deel vum Benefice vum Wandpark « Housen Pëtschent » un déi lokal Bevëlkerung respektiv un déi 2 Gemengen ausbezuelt ginn.

Aus dësen Ursaachen entscheet de Gemengerot

- mat 8 Stëmmen dofir bei enger Enthalung déi 570 Aktien ze zeechnen, déi fir d'Gemeng Pëtschent reservéiert sinn, an dat zum Präis vun 250 Euro pro Aktie + 75 Euro fir administrativ Fraisen = 325 Euro pro Aktie, also fir e Gesamtbetrag vun 185.250.- Euro.
- mat 6 Stëmmen dofir bei 2 Enthalungen an enger Stëmm dogéint, fir déi Aktien déi fir d'Awunner vun Pëtschent reservéiert sinn, ze zeechnen falls des net géifen vun den Awunner kaaft ginn. Wa guer keng Aktien géifen un d'Awunner goen da wieren dat nach emol 570 Aktien fir een Gesamtbetrag vun 185.250 Euro.
- eestëmmeg fir an Zukunft keng Aktien vun der Gesellschaft « Wandpark Housen-Pëtschent SA » aus dem Besëtz vun der Gemeng Pëtschent un Drëttpersounen ze verkafen,

d.h. weder aus dem Deel, den d'Gemeng direkt kaaft huet, nach aus dem Deel, déi fir d'Awunner reservéiert waren an déi net all vun den Awunner gezeechent gi waren.

**2) Geneemegung vum Restantenetat fir den Exercice 2017**

De Gemengeneinehmer Alain Biver gëtt dem Gemengerot e kuerzen Iwwerbléck iwwert de Relevé vun deene Leit, déi der Gemeng fir d'Joer 2017 nach Suen schëlleg sinn.
De Gesamtbetrag beleeft sech op 2.719,29.- Euro.
Den Einnehmer huet keng Decharge gefrot an de Gemengerot beoptragt hien fir déi restlech Suen mat alle Mëttelen anzedreiwen, déi him zur Verfügung stinn.

**3) Festleeën vum Programm fir d'Joer 2019 fir d'Astandsetzen vun de Feldweeër an der Gemeng Pëtschent**

D'Memberen vum Gemengerot genehmigen eestëmmig den Feldweeërprogramm fir Joer 2019

| Duerf | Lieux-dits | Aarbechten | Längt |
|---|---|---|---|
| Weller | Biogas Endlager | Neien Tapis | 25 m |
| Nuechtmanescht | Kräizung CR322 - PC22 | idem | 10 m |
| Stolzebuerg | Ohlzberg | idem | 270m |

**4) Geneemegung vum Decompte vum Projet vum Ëmbau vum alen Härenhaus an 3 Sozialwunnengen**

D'Aarbechten vum Ëmbau vum alen Härenhaus an 3 Sozialwunnengen hunn schlussendlech 1.066.467.- Euro kascht. Den ursprünglechen Devis an den zousätzlechen Devis, déi de Gemengerot gestëmmt huet belafen sech op 1.064.264.- Euro. Déi finanziell Bäihëllef vum Wunnengsbauministère beleeft sech am ganzen op 725.246.- Euro.
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den definitiven Decompte vum Projet, sou wéi en vum Schäfferot presentéiert ginn ass.

**5) Ännerung vum Verkéiersreglement an der Gemeng Pëtschent**

- Bei Geleeënheet vun der Autoscourse « Rallye Lëtzebuerg », déi den 13.07.2018 an der Ëmgéigend vu Mierschent stattfënnt, entscheet de Gemengerot fir d'Verkéiersreglement dementsprechend emzeänneren.
- Mam Zil fir eng verbessert Verkéierssécherheet op der Kräizung « Op der Loch » zu Bivels ze erreechen, mécht de Gemengerot eng offiziell Ufro beim Infrastrukturministère fir déi maximal Vitesse op der Loch vun 70 km/h op 50 km/h erofzesetzen.

**6) Geneemegung vun engem Mietkontrakt mam Syndicat d'initiative vu Stolzebuerg fir de Musée an d'Koffergrouf zu Stolzebuerg**

Fir déi touristesch Exploitatioun vun der Koffergrouf ze garantéieren, ass de Gemengerot averstan, fir dem Syndicat d'initiative vu Stolzebuerg fir déi nächst 6 Joer de Musée an d'Koffergrouf fir symbolesch 25.- Euro d'Joer ze verpachten.

### 7) Projet Night Light - Ännerung am Budget -

Fir déi néideg Mëttelen fir den Aktiounsplang vum Projet « Night Light » ze hunn as de Gemengerot averstan een Zousatzkredit vun 30.000.- Euro ze stemmen.

### 8) Geneemegung vun engem administrativen Akt

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den administrativen Akt N°32 vum 30. Abrëll 2018 duerch den den Ofwaasserverband SIDEN der Gemeng Pëtschent en Terrain Nummer N° 205/100 « Auf der Ahlersang » vun 41 Centiar zum symboleschen Euro ofträtt.

### 9) Geneemegung vu verschidden Konventiounen

De Gemengerot geneemegt

- eng Konventioun mat der Famill Kinn fir Infrastrukturaarbechten mat allen Uschlëss am Kader vun der Erschléissung vun engem Bauterrain zu Nuechtmanescht. Op dësen Terrain mat der Katasternummer 14/111 den dem Sylvie Everard-Kinn sowéi dem Josiane Kinn geheiert, sollen eng Kéier2 Eefamilljenhaiser kënne gebaut ginn.
- eng Konventioun mam Här Nico Kartheiser an Här Paul Reinig fir Infrastrukturaarbechten mat allen Uschlëss fir Terrainen zu Stolzebuerg beim lieu-dit « rue principale » an « op dem Gritt » ze erschleissen.
- eng Konventioun mat der Madamm Theis-Majerus Astrid vun Eesbech, duerch déi den Accès op d'Parzell N° 422/1367 beim fréieren Waasserbehälter beim lieu-dit « auf alt Bivels » gereegelt gëtt,an dat ganzt fir eng Dränk fir d'Véi op der Nopeschparzell ze speisen.

### 10) Verschiddenes

De Gemengerot

- accordéiert en aussergewéinleche Subside vun 500.- Euro un de Veräin « Amicale 79 Grooljen » fir d'Uschafen vun Akafssäckelcher, déi de Visiteuren bei Geleeënheet vum Emweltsonndeg den 10. Juni 2018 zu Grooljen ausgedeelt goufen.
- entscheet fir d'nächst Joer de Projet fir d'Uplanzen vun Uebstbeem an Hecken an der Gemeng nei ze relancéieren.

# Jerry Breuer, den néie Mataarbechter am Gemengensekretariat

Nodeems den 1. Mee 2016 den deemolege Receveur Yves Reis an déi wuelverdéngte Pensioun gaang ass, ass säi Posten ob der Gemeng net direkt nees nei besat ginn.

De Jean Trausch an den Alain Biwer hunn iwwert zwee Joer des Aufgab mat iwwerholl, mee duerch de méi groussen Aarbechtsopwand war et awer kloer dat mëttelfristeg ob eng 3 Persoun misst zréckgegraff ginn.

Den 3. Mäerz gouf eng Annonce vir ee Redaktesch Posten an der lëtzebuerger Press publizéiert an eng 20 Kandidaten haten sech doropshi gemellt. An der Gemengerotssitzung vum 7. Mee hunn déi Responsabel vum Gemengerot sech dunn vir de Jerry Breuer entscheet. De 25 Järege gebiertege Wëltzer huet de Roger Zanter an seng Equipe vun senge Kompetenzen an senger Motivatioun konnten iwwerzeegen.

Säit Mëtt Juli ass de Jerry Breuer elo als “rédacteur-stagiaire” op der Gemeng ugestallt an de 7. August gouf hien vum Buergermeeschter vereedegt. De Jerry Breuer ass vir déi nächst 3 Joer am Stage als “fonctionnaire communal provisoire” a wärend dëser Zäit muss hien sech duerch Coursen op spéider Exame virbereeden. Dëst ass gesetzlech alles esou erfuerdert, an domat wier hien och qualifizéiert fir spéiderhin Relève vum Gemengesekretär ze iwwerhuelen.



Roger Zanter (Buergermeeschter) mam Jerry Breuer bei senger Vereedegung

# Lafbeem, Uebstbeem an Hecken an der Gemeng Pëtschent

Die Gemeinde Pütscheid startet im Jahr 2019 wieder ein Programm zur Durchführung von ökologischen Maßnahmen in der Gemeinde, das mit Unterstützung des Umweltministeriums finanziert wird.

Das Projekt beinhaltet folgende Schwerpunkte in der Grünzone:

*1.) Anpflanzung von einheimischen Hecken, Laubbäumen und Hochstammobstbäumen*

*2.) Pflege von alten Hochstammobstbäumen und markanten Laubbäumen*



Birnbaum



Apfelbaum



Kirschbaum

Wir wollen alle interessierten Einwohner/innen der Gemeinde Pütscheid einladen, sich am Projekt zur **Neuanpflanzung von Laubbäumen, Obstbäumen und Hecken** sowie zur Erhaltung und Pflege der „Bongerten“ und markanten Laubbäumen zu beteiligen.

Wir als Gemeinde möchten Sie dabei tatkräftig unterstützen. Lesen Sie das beigefügte Formular durch und **schicken Sie es ausgefüllt bis spätestens 25. Oktober 2018 an die Gemeinde zurück**. Sie werden danach persönlich kontaktiert, um mit Ihnen vor Ort die Arbeiten zu planen, die dann im Laufe des Jahres 2019 ausgeführt werden. Dabei werden die Anträge, die zuerst eingegangen sind, vorrangig behandelt.

Sowohl Grundbesitzer in der Grünzone als auch Hausgartenbesitzer können dieses Angebot bedingt im Rahmen des Gemeindebudgets annehmen und von den Pflanzungen, der Beratung sowie der Sammelbestellung profitieren.
Da die Kontrolle der früheren Anpflanzungen nicht mehr alleine über das Projekt zu bewerkstelligen ist, können frühere Antragsteller die erforderlichen Unterhaltsarbeiten über das nachfolgende Formular anmelden.

Falls Sie weitere Fragen haben, so können Sie sich an die Gemeindeverwaltung Pütscheid wenden:

*Tel.: 99 04 20 - 20*

*Mo., Mi + Fr., 8.00 - 12.00 und 14.00-17.00 Uhr*

oder an die Mitarbeiterin des Naturpark Our:

*Mireille Schanck*
*Naturpark Our – Station biologique*
*12, Parc; L-9836 Hosingen*
*Tel.: 90 81 88 - 634*
*Mo. - Fr.: 9.00 - 12.00 und 14.00 - 17.00 Uhr*

station biologique NATURPARK OUR

Antragsformular

# Lafbeem, Uebstbeem an Hecken an der Gemeng Pëtschent

Ich möchte mich am Projekt zur Neupflanzung und Erhaltung von einheimischen Laubbäumen, Hochstammobstbäumen und Hecken beteiligen.

Name, Vorname___________________________________________

Straße, Nr.________________________________________________

Plz., Ortschaft______________________________________________

**Tel.** (um einen Termin vor Ort zu vereinbaren)___________________________

## A. In der Grünzone:

***Die Gemeinde Pütscheid übernimmt zusammen mit dem Ministerium für nach-haltige Entwicklung und Infrastrukturen bis zu 100% der Kosten* der Anpflanzung und der Pflege in der Grünzone.***

**1. Neuanpflanzungen:**

Anzahl der Laubbäume (Solitär-, Alleebäume):______
Anzahl der Hochstammobstbäume:______
Länge der Hecke:______ , welche ich pflanzen lassen möchte.
Bedarf an Weidezaun und/oder Weideschutz: ja - nein

**2. Pflegeschnitt an alten Hochstammobstbäumen / markanten Laubbäumen:**

Anzahl der Obstbäume / markanter Laubbäume:_____, die ich schneiden lassen möchte.
***Der Projektteilnehmer ist verantwortlich fürs Wegräumen des anfallenden Holzes.***

## B. Innerhalb des Bauperimeters:

Lieferung von einheimischen Heckensträuchern, Laub- und Hochstammobstbäumen:
Länge der Hecke: ____________m
Anzahl der Laubbäume (Solitär-, Alleebäume):_______,
Anzahl der Obstbäume:_______, welche ich selbst pflanzen möchte.
***Die Gemeinde übernimmt bis zu 50% der Kosten* des gelieferten Pflanzmaterials.***

## C. Unterhaltsarbeiten an Anpflanzungen der Vorjahre:

- Ersetzen: Anzahl der Obst-/ Laubbäume/Hecken (m): ______________
- Erziehungsschnitt an Obstbäumen (2-3 J. nach Pflanzung): Anzahl der Jungbäume:__
- Weideschutz reparieren: Anzahl der Käfige: ____________

**** Dieser Betrag ist abhängig vom Budget und der Anzahl der Teilnehmer am Programm.***

Datum__________________Unterschrift_________________________________

**Bitte abtrennen und <u>bis spätestens 25. Oktober 2018</u> an die Gemeinde zurücksenden.**

Der Bestand an **Obstbäumen** in der Gemeinde ist im Laufe des vorigen Jahrhunderts von ca. 4820 auf 400 zurückgegangen. Die meisten dieser hochstämmigen Obstbäume sind überaltert und in einem schlechten Pflegezustand, Neuanpflanzungen wurden kaum durchgeführt.



**Hochstammobstbaum mit Holzpfahl, Drahtmanschette gegen Wildverbiß und Sitzstange für Vögel**

Im Vergleich zeigen die alten Katasterpläne (19 Jhd.), dass einst mehr **Hecken** die Parzellen und Wegränder in Ortsnähe begleiteten.

Des weiteren verschwinden immer mehr **Einzelbäume**, die als Grenzbäume dienen, und **Baumgruppen** bzw. **Baumalleen**, die im Agrarland für Wind- und Erosionsschutz sorgen, sowie dem Vieh im Sommer Schatten spenden.



**Baum mit Weideschutz**

**Administration communale**
**Veinerstrooss 7**
**L-9462 Pütscheid**

# Loscht op Geméisgaart?
# Envie d'un jardin potager?

- ➔ Jo, mee dir hutt kee private Gaart?
- ➔ Oui, mais vous ne disposez pas d'un jardin privé ?

D' Klima Team an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Pëtschent proposéiert Iech eng Léisung:
La Commission du Pacte Climat, en coopération avec l'administration communale de Putscheid, vous propose une solution :

## De néie Biergergaart hannert der Gemeng
## Le nouveau jardin des citoyens derrière la mairie

D'Gemeng Pëtschent bitt all interesséierten Awunner d'Méiglechkeet ee private Gaart hannert der Gemeng unzeleeën. Wann Dir Interessie hutt kennt dir Iech eng Parzell reservéieren an ären eegene Gaart bedreiwen.
La commune de Putscheid offre aux habitants intéressés l'opportunité de réserver une parcelle derrière la mairie et d'y cultiver leurs propres légumes.



D'Virdeeler vun dem Biergergaart :

- Geméis selwer ziichten
- Keng Käschte vir de Gaart ze lounen
- D' soziaalt Zesummeliewe gëtt gestäerkt
- …

Les avantages du nouveau jardin:

- Cultiver ses propres légumes
- Pas de frais de location pour le jardin
- La coexistence sociale est renforcée
- …

All interesséiert Bierger kennen sech gären op der Gemeng mellen.
Chaque habitant intéressé est invité à contacter la commune.



Administration communale de la commune de Putscheid
7, Veinerstrooss
L-9462 Putscheid
Tél : 990420-20
email : bourgmestre@putscheid.lu

# <u>An eegener Sach...</u>

D'Gemeng Pëtschent offréiert hiren Awunner en extra Containerpark

Nieft de gewinnte Glas- an Kleedercontainer fannt dir zu Weller hannert dem Gemengegebau:

E Container fir kleng Quantitéiten Bauschutt



Container fir de Gras/Grengschnett



Souwéi d'Méiglechkeet aalt Eisen ofzestellen



fir Äscht



Leider fend eisen Service Technique an den Container och Saachen déi absolut do näischt ze sichen hunn. (Zb Gips am Bauschuttkontainer, Sperrmüll beim Eisen, Steng an Äscht am Graskontainer)

Eisen Containerpark ass absolut <u>keng</u> Platz vir säin Sperrmüll ze entsuergen !!




Heivir huet dir Méiglechkeet bei der Sperrmüllsammlung déi 4x am Joer stattfend matzemaachen. (vir méi Informatiounen kuckt ären Offallkalenner)

<u>Mir kennen nëmmen eisen klengen kommunalen Containerpark bedreiwen wann d'Reegelen respektéiert ginn.</u>

**Mir soen Iech Merci fir är Mathëllef.**

# Le parc à container de la commune :

La commune de Putscheid offre à ses citoyens un parc à container situé derrière le bâtiment polyvalent communal à 9 rue principale L-9466 Weiler.
A part des containers usuels pour le verre et les vieux vêtements on y trouve en outre :

Un container pour des petites quantités de matières inertes



Un container pour le gazon



Un endroit pour déposer la ferraille



Un container pour les branches



Malheureusement, force est de constater que parfois des gens y déposent des objets interdits qui n'ont rien à faire dans les containers susmentionnés (p. ex. du plâtre dans le container pour matières inertes, déchets encombrants à l'endroit réservé à la ferraille, des pierres ou branches dans le container réservé au gazon)

D'autant plus nous rappelons notre parc à container n'est pas l'endroit où on peut déposer ses déchets encombrants !




Pour se débarrasser de ses déchets encombrants, la commune organise 4 fois par année une collecte sur appel (pour plus d'informations veuillez consulter notre calendrier de la collecte des déchets)
La commune de Putscheid peut seulement offrir à ses citoyens le service du parc à container sous réserve que les utilisateurs respectent les règles minutieusement.

Nous vous remercions d'avance pour votre collaboration.

De Schäffen- an Gemengerot vun der Gemeng Pëtschent invitéiert Iech op d'Presentatioun vun hirem Projet







«Éischt Hëllef»

Bei Häerzstëllstand

den **<u>4. Oktober 2018</u>** um **<u>19h30</u>**

zu Weller am Festsall

# *Projet << Éischt Hëllef bei Häerzstëllstand >> an der Pëtschter Gemeng*

Op Initiativ vum Christian Junk, Conseiller aus der Pëtschter Gemeng huet den Gemengerot sech vill Gedanken iwwert d' Secherheet an d' Éischt Hëllef vun eisen Bierger gemaach, an wëll Iech duerch dësen Artikel iwwert den Projet AED Défibrillator an dem First Responder informéieren an forméieren.

Wat kann een maachen bei engem Mënsch mat Verdacht ob Häerzkreeslafstëllstand? Bei Verdacht ob Häerzkreeslafstëllstand muss Hëllef ganz séier kommen!

Duerch eis géographesch Lag ass et net ëmmer einfach, schnell a professionnell Éischt Hëllef op Platz ze kréien, denke mer do un déi weit Distanzen, schlecht Wiederkonditiounen, Baustellen, Stauen asw. Do vergeet des Öfteren alt mol gären méi wéi eng hallef Stonn, an déi Zäit hun mir bei engem Härzkreeslafstëllstand net!

Doropshin ass iwwerluecht gin, wéi eng Méiglechkeeten Pëtschter Gemeng sech kéint gin fir den Zäitintervall tëschent dem Fannen vun enger betraffener Persoun, dem Alarméieren an dem Antreffen vun den Rettungsdéngschter ze verbesseren an sou kleng wéi méiglech ze halen.

Séier ass d'Iddi vum AED Défibrillator an dem First Responder obkomm. Fir awer do vun Ufank un de richtegen Wee anzeschloen, hun mir eis extern Hëllef vun kompetenten Fachleit mat bei geholl. An enger Aarbechtssëtzung hun mir zesummen mam Dokter Wagner, médecin anesthésiste-réanimateur/Samu aus dem CHdN (Centre Hospitalier du Nord),eisem Regionalinspekter Charel Zanter an dem Kommandant vun den Weller Pompjeeën dem Albert Schaul, folgenden Avant-Projet ausgeschafft.

**Bei dëser Aarbechtssëtzung ass folgendes festgehalen gin:**

Et huet sech schnell erausgestallt dat et net nëmmen duer geet fir an all Duerf aus eiser Gemeng een AED Défibrillator ze installéieren, mee et virun allem drop ukënnt den Leit aus der Gemeng eng spezifesch Formatioun iwwert d' Häerzmassage unzebidden.

Fir eng gudd an effikass Éischt Hëllef ze garantéieren, sou dat eng Persoun e maximum un Chancen huet, fir ouni gréisseren Schued gerett ze gin, brauche mir 3 grouss Séilen déi aneneen gräifen:

**1. Häerzmassage**

Wann d'Häerz net méi schléit muss als éischt eng Häerzmassage gemaach gin. Dat musse mir all léieren, och déi, déi dat schons emol gesin hun, well do gëtt et munch Neies. Hei wëlle mir Formatiounen ubidden an Är Mataarbecht ass do onbedéngt néideg.

## 2. Hëllef iwwert de First Responder

Eis Gemeng well mathëllefen d'Disponibilitéit vun engem First Responder ze organiséieren. Och do brauche mir Är Mataarbecht!

*Engagéiert Iech fir een Éischt Hëllefs-Cour*

## 3. AED Défibrillatoren ob wichtege Platzen an eiser Gemeng installéieren

- Wou soll esou een Apparat hikommen?
- Sidd Dir bereet un enger Informatiounsversammlung deel ze huelen?
- Och hei geet et net ouni Iech !

!! Nëmmen eng gudd Uwendung **Häerzmassage - First Responder- AED Défibrillator** kann zu engem uerdentlechen Resultat féieren !!

Weider Informatiounen kritt Dir an eiser Info Versammlung déi den 4. Oktober stattfënnt.

***Wat ass een First Responder?***

Bei engem First Responder handelt et sech ëm eng fräiwëlleg Persoun déi een Basis Éischt Hëllefs-Cour matgemaach an doriwwer eraus eng spéziell Formatioun Sap1 (Secours aux personnes niveau1) absolvéiert huet.

First Responder kann jiddereen gin, et muss een just an engem Pompjeeëscorps ugemellt sinn.

Duerch den First Responder kënnen Persounen a Nout, bis zum Antreffen vun enger Ambulanz oder engem Samu's Dokter méi séier medizinnesch versuergt gin. D´Leetstell vum 112 entscheed no engem Noutruff op den First Responder aktivéiert gëtt.

***Typesch Noutfäll fir den Asaz vum First Responder sin:***

- Bewosstlosegkeet, Häerzinfarkt, Otemproblemer, staark Bluddungen an Accidenter.

Mat dësen liewensrettenden Éischt Hëllef Moossnahmen, wéi z.B Réanimatioun an Häerzmassagen oder Stoppen vun staarken Bluddungen kann duerch d' Agräifen vum First Responder wäertvoll Zäit gewonnen ginn bis d' Ambulanz respektiv den Samu´s Dokter op der Platz ass.

**Den First Responder ersetzt ni eng Ambulanz, hien gëtt ëmmer zousätzlech zu enger Ambulanz alarméiert.**

***Zieler vum First Responder***

- Schnell Asazbereetschaft
- Eng schnell, qualitativ an héichwäerteg Éischtversuergung op der Platz
- Betreiung von den betraffenen Familljen
- Aweisung vun den Rettungsdéngschter
- Fortlafend Formatiounen

***Stäerkten vum First Responder***

- Kuerz Weeër a gudd Uertskenntnisser
- Doduerch schnell Aleedung vun liewensrettenden Moossnahmen
- Schnell an héichwäerteg Réckmeldung un d' Rettungsdéngschter
- Ënnerstëtzung vum Rettungspersonal bei besonnech personalintensiv Asäz
- First Responder sin oft „vertraute Gesiichter"; Persounen aus dem Duerf oder eiser Gemeng

Fir Disponibilitéit vum First Responder effikass ze gestalten, wëll den Gemengenrot vun der Pëtschter Gemeng ob dësem Wee sou vill wéi méiglech fräiwëlleg Hëllefspersounen mobiliséieren déi bereet sinn, een Éischt Hëllefs-Cour an déi néideg Formatiounen fir den First Responder mat ze maachen, an sou eng optimal Organisatioun vun enger Permanence Lëscht ze garantéieren.

***Waat ass een AED Défibrillator?***

Een AED („Automatiséierten Externen Défibrillator") och Laien Défibrillator genannt, ass een medizinneschen Apparat fir Behandlung vun Häerzrythmusstéierungen respektiv Häerzversoen. Een internen Computer am AED analyséiert den Häerzrythmus vum Affer an décidéiert op een elektreschen Schock gebraucht gëtt oder net. Duerch eng Computerstëmm gëtt den éischten Mann op der Platz duerch déi eenzel Rettungsschrëtt vun enger Réanimatioun geleet.

***Firwaat brauchen mir een AED Défibrillator?***

Bei all Mënsch, op jonk oder aal, kënnen zu all Moment Häerzrythmusstéierungen respektiv een Häerzstëllstand enstoen. Fir ze Iwwerliewen ouni mental respektiv physisch Schied dovun ze droen bleiwen engem 3 bis 5 Minutten. Meeschtens ass et fir d' Rettungsdéngschter onméigleg an där Zäit op der Platz ze sin. Duerch eng Häerzmassage an eng Fréidéfibrillatioun mat engem AED kann sou eng schnell Hëllef ageleet gin.

***Ass et schwéier mat engem AED ëmzegoen?***

Nee, am Géigensaatz vun deenen Défibrillatoren an den Kliniken ass d' Handhabung vun den AED Défibrillatoren esou ausgeluecht dat och Leit ouni spezifesch medizinnesch Kenntnisser kënnen domadder ëmgoen.

***Denkt drun:***

***Jiddereen kann First Responder gin!***
***Wann och Dir interesséiert sidd dann zéckt net an meld Iech, well all Sekonn zielt.***

# Gebuertsdeeg ..... et gouf gefeiert

3 mol konnte mer op 80 Joer ustoussen

D'Madame Maria Demuth-Deisges vu Weller



Den Här Hubert Lipperts vu Stolzebuerg



Den Här Marcel Scheidweiler vu Weller



# 2 mol konnte mer op 85 Joer ustoussen

Den Här Tony Nosbusch vu Pëtschent



Den Här René Birchen vu Nuechtmanecht



## Grouss Botz an der Gemeng  Pëtschent am Zeechen vun Télévie

Eng Rekordparticipatioun hate mer dëst Joer mat iwwer 150 Leit a Muppen déi gehollef hunn de sëllechen Dreck laanscht Stroossen vun der Gemeng ze botzen.

Di stolz Zomme vun Euro 1.850 konnt domadder un Télévie iwwerwise ginn. Mir soen jidderengem Merci dass e matgemaach huet. De Pompjeeën en extra Merci déi nom leibliche Wohl gekuckt hunn.


















# Neien « Remember US » Panneau

géintiwwer vun der Gemeng




Dëse Panneau konnt nëmmen mat der wäertvoller Aarbecht vum Här Marcel Scheidweiler vu Weller erstallt ginn. Desweiteren hunn och den Här Barbel Fern, Remy Eiffes an Roland Gaul zum Geléngen vum Panneau bäigedroen. Den Lay-out ass vum Naturpark Our ënnerstëtzt ginn an Realisatioun vun deenen zwee Panneau gouf vun der Gemeng Pëtschent gedroen.

Hinnen all een decken MERCI

# 1 Kommunioun Feier zu Mierschent an der Kierch











# Pizza Owend mat de Weller Pompjeeën











# 1 Mee Feieren zu Mierschent a Pëtschent











# Nationalfeierdag – Te Deum zu Stolzebuerg














Veiner









# Ëmwelt-Sonnden zu Grooljen

D´Amicale´79 Grooljen hat sonndes, den 10, Juni 2018 een Ëmwelt-Sonnden organiséiert. Jidderee konnt sech un aktuellen Themen iwwert eis Ëmwelt - Energiespueren, nei Energieformen, natierlecht Bauen a Wunnen, Waasseropbereedung, alternativ Mobilitéit informéieren, experimentéieren a participéieren.

Eis Exposanten hunn den interesséierte Visiteuren professionell Äntwerten op hier Froen zu eiser Ëmwelt ginn.

D´Kanner konnten aktiv un diversen Atelieren betreffend eiser Natur an Ëmweltschutz deelhuelen.

Jiddereen den eis 5 Plastikstute matbruecht huet, krut vun eis eng flott, praktesch an ëmweltfrëndlech Posch aus Sakduch.

De Fierschter huet ee léierräichen Spadséiergang duerch de Bësch organiséiert an deen dee wollt konnt och een Tour op engem Elektrovëlo oder –Auto maachen.

